Gewässervertrag Attert - *Contrat de Rivière Attert*

# NEIE MATAARBECHTER AM WAASSERHAUS

## *NOUVEL EMPLOYÉ À LA MAISON DE L'EAU*



**Seit dem Summer d'lescht Joer verstäerkt de Sven Wagner déi kleng Equipe am Waasserhaus ze Réiden. D'Waasserhaus asbl hat ee gesicht, dee sech gutt mat geographeschen Informatiounssystemer (GIS) auskënnt a bereet war, een Hallefsdagposten iwwert een Zäitraum vun 2 Joer ze iwwerhuelen. An der Asbl si se all ganz frou, mam Sven genee dee richtege Mann fir dee Poste fonnt ze hunn!**

**Sven, stell dech w.e.g. kuerz eise Lieser vir!**

Ech sinn de Sven, wunnen zu Reisduerf an hu 25 Joer. Ech hunn ee Bachelor an den Ëmweltbiowëssenschaften a maachen nieft menger Aarbecht am Waasserhaus nach ee Master am nämmlechte Studiegang op der Universitéit Tréier. A menger Fräizäit engagéieren ech mech fir den Ëmweltschutz, dat virun allem als Conseiller bei mir an der Gemeng awer och doriwwer eraus. Ech maache ganz gäre Sport oder ënnerhuelen eppes mat Kolleegen a mat menger Famill.

**Wéi gesäit deng Aarbecht am Waasserhaus aus?**

Meng Aarbecht ass eigentlech zimmlech villsäiteg. Et ginn Deeg wou ech de ganzen Dag um Büro schaffen an aner Deeg, wou ech vill dobaussen ënnerwee sinn. Um Büro schaffen ech haaptsächlech un der Erstellung vun engem Gréngflächemanagmentplang fir d'Membersgemengen vum Waasserhaus. Dobausse kartéieren ech dann d'Gréngflächen a kucke mir ëmgesate Mesuren un. Iwwert de Wanter ass och geplangt, dat ech zesumme mat de Gemengen un Pläng schaffen, fir de Salzkonsum op de Stroossen ze reduzéieren.

***Depuis l'été dernier, Sven Wagner a renforcé la petite équipe de la Maison de l'Eau. L'asbl Maison de l'Eau recherchait une personne maîtrisant les systèmes d'information géographique (SIG) et disposée d'occuper un poste à mi-temps pour une période de 2 ans. Au sein de l'asbl, tout le monde est très heureux d'avoir trouvé en Sven la personne idéale pour ce poste.***

***Sven, présente-toi brièvement à nos lecteurs !***

*Je m'appelle Sven, j'habite à Reisdorf et j'ai 25 ans. J'ai une licence en biosciences de l'environnement et, à côté de mon travail je prépare un master dans le même cursus à l'Université de Trèves. Pendant mon temps libre, je m'engage pour l'environnement, principalement en tant que conseiller de ma commune mais aussi au-delà. J'aime également faire du sport ou sortir avec mes collègues et ma famille.*

***À quoi ressemble ton travail à la Maison de l'Eau ?***

*En fait, mon travail est assez diversifié. Il y a des jours où je suis principalement au bureau et il y a d'autres jours où je sors plus sur le terrain. Au bureau, mon travail consiste principalement à élaborer un plan de gestion des espaces verts pour les communes membres de la Maison de l'Eau. Je me rends aussi régulièrement à l'extérieur pour préparer la cartographie et documenter les mesures mises en œuvre. Au cours de cet hiver, je prévois également de travailler sur un projet visant à réduire la consommation de sel sur les routes.*




Kleng Doudholzheck aus dem Gréngflächeninventaire vun der Gemeng Ell.
*Petite haie en bois mort issue de l'inventaire des espaces verts de la commune de Ell.*

© Service technique Gemeng Ell



Extensiv geméinte Wiss aus dem Gréngflächeninventaire vun der Gemeng Préizerdaul.
*Pelouse avec tonte différenciée issue de l'inventaire des espaces verts de la commune de Préizerdaul.*

**Wat ass ee Gréngflächemanagmentplang a wouzou déngt en?**

De Gréngflächemanagmentplang ass eng Moossnam, déi de Gemengen am Kader vum Naturpakt virgeschloe gëtt an déi hinne Bonuspunkte bréngt, wa se déi Moossnam ëmsetzen. Et geet drëm fir ee Gestiounsplang fir déi gemengeneegen Gréngflächen opzestellen. Eent Zil vun dësem Plang ass fir eng diversifizéiert a generell méi extensiv Bewirtschaftung vun de Gréngflächen innerhalb vun den Uertschaften ze garantéieren. Dofir gëtt an enger éischter Phas ee GIS baséierten Inventaire vun all de Gréngfläche gemaach, déi am Bauperimeter leien. Uschléissend ginn da vereenzelt Propose fir den Entretien gemaach; dat an Zesummenaarbecht mat dem Service technique vun de Gemengen.

**Kann's du eis e puer Beispiller vu Proposen aus engem Gréngflächemanagmentplang nennen?**

Eng zentral Propos ass d'Upassung vun der Méinfrequenz. Oft gi Fläche vill ze oft geméint, wat sech negativ op déi heemesch Flora a Fauna auswierkt. Wann een awer den 1. Schnatt réischt ab dem 15. Juni mécht, kënne vill Planze sech vollstänneg entwéckelen an hire Som ofwerfen. Esou kann een eng natierlech Entwécklung ënnerstëtzen, wat och fir eis Insekten- a Vullewelt ganz wichteg ass.

***Qu'est-ce qu'un plan de gestion des espaces verts et à quoi sert-il ?***

*Le plan de gestion des espaces verts est une mesure proposée aux communes dans le cadre du Pacte nature et sa mise en œuvre rapportera des points bonus. L'un des objectifs de ce plan est d'assurer une gestion diversifiée et généralement plus extensive des espaces verts communaux. Une première phase consiste à réaliser un inventaire par SIG de tous les espaces verts situés à l'intérieur du PAG. Ensuite, en collaboration avec le service technique des communes, des propositions sont faites quant à l'entretien de ces surfaces.*

***Peux-tu nous donner quelques exemples de propositions issues du plan de gestion des espaces verts ?***

*Une proposition importante est l'ajustement de la fréquence de tonte. La gestion des espaces verts communaux est généralement très intensive, ce qui a un effet plutôt négatif sur la flore et la faune locale. Cependant, si par exemple, la 1ère coupe est effectuée au-delà du 15 juin, de nombreuses plantes peuvent se développer pleinement et monter en graines. De cette façon, nous pouvons soutenir un développement naturel de la flore, ce qui est important pour la vie des insectes et oiseaux.*



Blummewiss aus dem Gréngflächeninventaire vun der Gemeng Réiden. © Service technique Gemeng Réiden
*Prairie fleurie issue de l'inventaire des espaces verts de la commune de Redange.*

Eng weider Méiglechkeet ass d'Uleeën vu Blummewisen mat heemeschen Zorten. Awer och d'Schaffe vu natierleche Strukturen, wéi zum Beispill Doutholzhecken oder Steekéip si wichteg Elementer.

## Gesäit sou eng Gestioun vun de Gréngflächen net chaotesch an ongefleegt aus?

Eng méi extensiv Bewirtschaftung vun de Gréngfläche gesäit natierlech anescht aus wei déi intensiv, déi mir an de lescht Joerzéngten gewinnt waren. Mee, ech mengen, et ass just engt anert Bild vu Schéinheet, wat dorausser entsteet. Ebe manner Style „englischer Rasen". Et ass awer och virgesi reegelméisseg eng Sträif laascht Weeër ofzeméinen, fir dass d'Kraut net um Wee léit an ee Sécherheetsrisiko duerstellt.

## Wat kënnen d'Leit doheem maachen fir méi een natierleche Liewensraum ze schaffen?

D'Leit kenne vill doheem op hirem Terrain maachen, der Kreativitéit sinn do bal keng Grenze gesat. Spontan fält mir an: eng Blummewiss uleeë mat eenheemeschem Som oder een Deel vun hirer Wiss just 1-3 mol d'Joer méinen an esou entdecken, wat fir eng wëll Kraider op hirem Terrain eropkommen; natierlech Strukturen uleeën mat vereenzelte Stengkéip oder Dréchemaueren oder Doudholzhecken; och Hecke mat dem Label „Heck vun hei" ënnerstëtzen d'Natur an ons heemesch Liewewiesen.

*Une autre mesure envisageable est la mise en place de prairies fleuries avec des variétés locales. La création de structures naturelles, comme p.ex. des fascines de bois mort ou des tas de pierres, constituent également des éléments importants.*

## *Une telle gestion des espaces verts ne semble-t-elle pas chaotique et négligée ?*

*Une gestion plus extensive des espaces verts donne bien sûr un autre cachet au paysage que la gestion intensive à laquelle nous étions habitués ces dernières décennies. Mais je pense que c'est juste une différente image de beauté qui s'en dégage; moins style « pelouse anglaise ». Cependant, il est également prévu de tondre régulièrement une bande le long des sentiers, afin que l'herbe ne tombe pas sur le chemin et éviter ainsi tout risque pour la sécurité.*

## *Que peut faire chacun de nous pour créer un environnement plus naturel ?*

*Les gens peuvent effectivement faire beaucoup de choses sur leur terrain, il n'y a presque aucune limite à la créativité. Spontanément, je dirais : semez une prairie fleurie avec des graines indigènes ou tondez une partie de la pelouse seulement 1 à 3 fois par an pour pouvoir découvrir la variété des fleurs sauvages présentes sur votre terrain; composer des structures naturelles avec des tas de pierres, des murs en pierres sèches ou des fascines de bois mort. La plantation de haies portant le label « Heck vun hei » soutient également la nature et notre faune locale.*